N°671
Entrée le 04.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, vum Aarbechtsminister, Georges Mischo, vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, a vum Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n° 671 vun den honorabelen Deputéierte Marc Goergen, Sven Clement a Ben Polidori zum Sujet « Accélération des procédures liées à la construction »**

**Fro 1**

Et gëtt eng permanent Zesummenaarbecht tëschent dem CGDIS, der Inspection du travail et des mines (ITM) an dem Service national de la sécurité dans la fonction publique (SNSFP). De CGDIS proposéiert dem Demandeur vun enger Baugenehmegung, gemeinsam Reunioune mat de betraffenen Acteuren ze organiséieren, dëst mam Zil, sech fréizäiteg ofzestëmmen an dem Bauhär domat Planungssécherheet ze ginn.

D'ITM an de CGDIS baséieren sech an hirer jeeweileger Missioun op déi nämmlecht Texter. Et ass haut allerdéngs nach esou, dass all Acteur säin Avis separat muss ofginn, respektiv seng Autorisatioun ausstellt.

Dem CGDIS ass et iwwer déi lescht knapp 6 Joer gelongen, sech duerch seng praktesch Erfarungen a Kompetenzen an der Brandbekämpfung als den Haaptacteur am Beräich vum präventive Brandschutz ze etabléieren.

Am Kader vum Erstelle vu sengem Avis analyséiert de CGDIS den Dossier souwuel wat d'Sécherheetsufuerderunge fir d'Notzer vum Gebai, wéi och fir d'Pompjeeë selwer, ugeet. Eng séier a sécher Evakuatioun vun de Benotzer ass domat garantéiert, grad wéi och en effektiven Asaz vun de Pompjeeën.

Des Weideren gëtt et säit der Mise en vigueur vum modifizéierte Gesetz vum 10. Juni 1999 betreffend "Établissements classés" Aarbechtsgruppen tëschent der ITM an dem CGDIS, déi bei der Elaboratioun vun neie gemeinsame Virschrëften – respektiv bei den Upassungen vu bestoende gemeinsame Virschrëften – d'Evolutioun vun der Technik betruechten (z.B. am Holzbau, bei Parkingen, bei Photovoltaik-Installatiounen etc.).

Dobäi kënnt, datt iwwert den Artikel 104 vum modifizéierte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 betreffend d'Organisatioun vun der Sécurité civile d'Commission consultative de prévention d'incendie (CCPI) instauréiert gouf.

Dës Commissioun ass, duerch Représentante vun de betraffene Ministèren respektiv Verwaltungen (ë.a. CGDIS, SNSFP an ITM) esouwéi Utilisateuren (OAI, Bâtiments publics, etc.) besat. Si kann Avisen iwwert all méiglech Froen betreffend d'Applicatioun vu Konzepter an der Prévention incendie, neien Reegelen respektiv Modifikatioune vun bestoende Reegelen souwéi Evolutioune vun architekturalen a konstruktiven Technike ginn.

Een anert Beispill sinn d'Maison-relaisen an der Schoul, do gëtt et säit dem 15. Juli 2016 eng Circulaire vun enger harmoniséierter Prozedur, déi detailléiert d'Zesummenaarbecht vun den Autoritéite mat de Bauhären an deem Beräich beschreift.

D'Zesummenaarbecht fënnt also esouwuel am Virfeld vun de Projete statt, wéi awer och wärend der Projetsphas.

Bei Projeten, déi ënnert d'Kommodosgesetz falen, gi regelmässeg Réuniounen organiséiert, wou déi verschidden Autoritéiten mam Bauhär respektiv Architekt zesummekommen. A ville Fäll, a besonnesch bei Projeten, déi ënnert d'Kommodosgesetz falen, mee net nëmmen, mussen d'Projete mat der Zilgeebung vum jeeweilege Gesetz individuell gekuckt ginn.

**Fro 2**

Am Kader vum Aarbechtsgrupp fir déi administrativ Vereinfachung, dee vun der Regierung no der „Réunion nationale Logement" aberuff gouf, gi momentan Iwwerleeunge gefouert, wéi d'Prozeduren, déi de Bausecteur betreffen, vereinfacht a verbessert kënne ginn. D'Zesummeleeë vun dëse Ressourcen an Prozeduren tëschent den verschiddenen zoustännegen Acteure am Bau erméiglecht et, d'Prozeduren ze vereinfachen an d'Bauen esou ze beschleunegen. Och am Beräich vun der Sécherheet gi sech Gedanken iwwer Vereinfachunge gemaach, déi souwuel prozeduraler wéi och inhaltlecher Natur sinn.

Dëst betrëfft dann och d'Erstelle vun Avisen an Autorisatiounen, wou follgend Mesure analyséiert ginn:

1. eng besser Harmonisatioun vun den ëffentleche Consultatiounsprozeduren;
2. eng eenzeg Ulafstell fir de Bausecteur, fir Projeten anzereechen;
3. eng Vereinfachung vun der Reglementatioun am Zesummenhang mat der Konstruktioun an dem präventive Brandschutz mat enger méiglecher Kodifikatioun an enger objektiver Approche.

Ervirzehiewen ass, dass de CGDIS deen eenzegen Acteur am Domaine vun der Sécherheet ass, deen iwwer Wëssen, Erfarung a Kompetenz an de Beräicher Brandbekämpfung a Brandschutz verfüügt a fir quasi sämtlech Bauprojete ka consultéiert ginn, onofhängeg vun der Gréisst oder der Notzung (aktuell Ausnamen: Eefamilljenhaiser a Bi-familiales).

Duerch seng Missiounen ass de CGDIS och den zoustännegen Acteur, deen d'Objektiver vun der Präventioun definéiert. Et geet heibäi ëm:

- d'Verhënnere vun der Brandentsteeung ;
- d'Verhënnere vun der Brandausbreedung ;
- déi sécher an effikass Evakuatioun vu Mënsch an Déier; d'Erméigleche vun enger effektiver Brandbekämpfung.

**Fro 3**

Et ass virgesinn, dass den uewe genannten Aarbechtsgrupp demnächst dem Regierungsrot seng Conclusioune wäert presentéieren.

Lëtzebuerg, den 3 Juni 2024.
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden